N° 7746
Entrée le 10.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 10.03.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/03/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

Persoune mat gerénngem Akommes kënnen ënnert bestëmmte Konditioune vum Tiers payant social profitéieren. An deem Fall ginn hier Rechnunge beim Dokter an Zänndokter direkt vun der CNS iwwerholl an d'Sue mussen net virgestreckt ginn. Déi Betraffe kréien dofir speziell Etiketten, déi si beim Dokter kënnen ofginn an déi op hier Rechnunge gepecht ginn. Esou etiquetéiert Rechnunge kënnen dann vun den Dokteren un d'CNS geschéckt ginn, wou d'Rechnungen da beglach ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persounen hunn iwwert dëse Wee an de leschte 5 Joer vum Tiers payant social gebrauch gemaach?
2. Sinn d'Dokteren obligéiert d'Etikette vum Tiers payant social unzehuelen oder kënne si eng Behandlung refuséieren, wann de Patient seet, hie wéilt vum Tiers payant social gebrauch maachen?
3. Wéi laang huet et an der Moyenne pro Mount an de leschten zwee Joer gedauert, bis d'Dokteren hir Rechnunge remboursséiert kruten?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten